

Discours

prononcé à l'occasion de la

Journée Nationale de la Résistance 2017,
dimanche, le 26 février 2017

par M. Albert Hansen, Président du Comité d'organisation

lors de la cérémonie commémorative devant la Croix de Hinzert
au Cimetière Notre-Dame à Luxembourg-Limpertsberg

Här Chamber-Präsident,
Madame Staats-Sekretärin,
Här Präsident vum Staats-Root,
Madame Burgermeeschter,

Här Dechen,
Herr Pastor,
Monsieur le Grand Rabbin,

Dir Dammen an dir Hären,

D'Journée Nationale de la Résistance as kén Feierdaag, mais én Gedenkdaag.

Mir gedenken hakt all den Resistenzler, déi am lesten Kréig ëmkommen sën, an den Prisongen, an den KZer, an den alliierten Arméien, am Maquis, an der Emsiedlung. Mir iwwehoolen doomat ouni Iwwerheeflëchkät d'Missioun déi déijéinig Resistenzler, déi d'Kréigsënn erleewt hon, sech selwer gin haaten, an mir sin dankbar, datt d'Vertreter vun den höchsten Staats-Instanzen sech mat eis hei versammelt hon.

Déi 23, déi den 25. Februar 1944 am Bësch zu Hinzert erschoss gouwen, an d'Platz vun hiren Gräwer ronderëm d'Hinzerter Kreiz stinn, seit ech mech erënneren kann, als Symbol fir all d'Resistenzler, Fraen an Männer, an fiir daat, waat sie am Kréich fir d'Land geläst hon – als Passeuren, als Filleristen, als Freiwëlleger an den alliierten Arméien, als Maquisard-en, als Memberen vun den verschiddenen Resistenz-Organisatiounen. D'Hinzerter Kreiz gët nach ëmmer vun allen Resistenzler als "hirt" Monument unerkant.

Noom 10. Mai 1940, den Daag, wou d'Land vun der Wehrmacht iwwehfall gin as an vun deem un d'Land militärisch besaat war, an politisch an Nazi-Deitschland sollt integréiert gin, war all Lëtzebuurger virun d'Froo gestalt, wéi hien dann géiw doropshin reagieren. Déi allermäst hun sech kleng gehaalen an hun neischt gesoot an neisch ënnerholl. Eng kleng Minoritéit huet mat den Nazi-en matgemät. Eng anner kleng Minoritéit hot decidéiert, sech géunt d'Nazi-en ze stellen. Jidderän hot déi Décisioun fir sech geholt, ouni Instruktioun, ouni Uerder. Jidderän haat seng perséinlich Grënn an war fir seng Décisioun eleng verantwortluch.

Fir lech eng kleng Indikatioun ze gin iwweh d'Verdeelung vun den Gewiichter: Laut dem Michel Pauly sengem Buch iwweh d'Lëtzebuurger Geschicht gouwen ët

- 3.963 politisch Prisonnéier, dovun koumen der 791 ëm,
- 4.136 politisch Déportéiert, dovun koumen der 154 ëm,
- 584 Freiwëlleger an den alliierten Arméen, dovun koumen der 57 ëm.

Bei der Epuratioun waren hirer 5.721 ugekloot, 2.275 gouwen verurteilt (12 zum Doud, dovun gouwen der 8 exékuéiert).

(Hei hun ech e puer Sätz improviséiert an intercaléiert. Sënnngeméiss: Déi Zifferen sën ganz relativ. Z.B. ass nick bekannt, wivill Resistenzler an Resistenzlerinnen ët am Land gouw. Vill vun hinnen wollten nick, dat iwver hir Aktivitéiten an der Resistenz geschwaat oder geschriwwen sollt gin. Et gët keng Lëst mat den Nimm vun allen Resistenzler.)

Déijéing, déi sech fir d'Resistent entscheed hun woussten, dass sie Risiken géiwen laafen fir sech an hiir Familjen, mais d'wusst kaum een, waat daat konkret géiw häschen. Bis déi éischt Manifestatiounen gént d'Nazi-en mat Gewalt opgeléist gouwen, bis ët sech ërëmgeschwaat hot, dass én Verhéier durch d'Gestapo nick ze vergliechen wier mat deem, waat d'Lëtzebuerger bis dohën ënnert engem Polizei-Verhéier verstannen hon. Mais och nodém déi éischt erschoss gi waren, hat d'Resistenz virun Zoulaaf.

Lossen mir eis hakt bewusst bleiwen, waat ët deemools gehäscht hot, sech fir d'Resistenz ze entschäden.

D'Präsenz vun den Vertrieder vun eisen staatlichen Institutiounen as én Témoignage an eng Unerkënnung fir daat, waat déemools d'Resistenz fir d'Land geläst hot.

Seit d'Journée Nationale de la Résistance existéiert as deen Daag eewer méi, wéi nëmme én Gedenkdaag. D'ass och een Appel, vun den deemologen Resistenzler un eis. Sie wollten dass hiren Asaatz än Message fir eis sollt sën. Dass en nick nëmme éint Kapitel an der lëtzebuerger Geschicht bléiw, mais dat hien aktuell sollt bleiwen, fir dass d' Läd daat déemools iwver d'Land eragebrach ass, nick nach eng Kéier viirkéim.

Sie sooten : "Wehret den Anfängen", een Opruff an eng Opfuerderung, déi sich un jiddereen riicht. Wann än bis muss Resistenz maachen, dann häscht daat jo, dass schon Ëppes passéiert as, geent daat én sech muss stellen dass Ëppes do ass, géint daat én sech mat aller Kraaft muss weeren. An wann ët bis esou weit komm as, dann as de Risiko grouss, dass ët, schons erëm eng Kéier, ze spéit as. Hir Idii war, dass mir mat engem waachen Gäst am Léwen sollen stoen, dass mir eis an eiser Zeit sollen ëmgessinn, fir fréi erauszefannen, waat ronderëm eis sech an eng schlecht Richtung entwëckelt, an fir fréi ze detektéieren wou muss agegraff gin soulaang ët nach Zeit as. Hire Appel as un jiddereen gericht, well jo jiddereen an der Gesellschaft an an dem Staat éint Stéck Responsabilitéit dréit.

Während Joorzingten konnten mir mengen, dän Appell wär vun weit hiergeholl an iwverdriwwen. Mais mir gesinn éewer elo, wann mir bis iwver d'Grenzen vum Land kucken, dass eng Evolutioun am gangen ass, déi riskéiert, doo ze endigen, wou den Misär an den 30-er Jooren vum lesten Jorhonnert ofefongen hot. Och deemools war ët loos ugangen, D'Reichtagswahlen vum März 1933 waren nach demokratisch

Wahlen, déi op eng demokratisch Manéier eng totalitär an barbarisch Partei un d'Direktioun vum Staat geruff hun an hiir d'Geléenhät gouwen sech doo festzekrallen. Ët waren éwer och déi lest demokratisch Wahlen an Deitschland bis noo1945. Politisch Opposition hat kën Effet méi, an gouv och nick méi zougeloos. An waat ët gehäuscht huet, Resistenz maachen, daat hun déi, déi hei begruewen leien, mais nick nëmmen sie, um éeegenen Leiw ze spieren kriet.

Loosen mir nick mengen, daat, waat deemools war, kënn nie méi erëm kommen. Loossen mir och nick mengen, sou Saachen géiw ët nëmmen am Ausland. Och hei heem, hei, bei eis, wou mir eleng d'Verantwortung droen, héiert än ewëll Ménungen déi, wann sie zum Droen kéimen, eng Katastroph fir eis Demokratie wäeren. Sëcher, eis Verfassung garantéiert eis all Meenungsfreihät. Dat wëllt ewer nick soen, datt all Meenung onwidersprach an der Öffentlechkeet zirkuléieren därf. Jidderän von eis muss seng Roll als freien Biirger vun dësem Land spillen an neischt onwidersprach schlécken, daat eisen Grondrechter zuwidder läft. Et gät nick drëm, Recht ze hon. Et gät drëm, gleich ze weisen, waat d'Konsequenzen wiiren, wann déi Mänungen vun deenen ech schwätzen, bestëmmend an eisem Staat géiwen gin.

D'politisch Instanzen sën sech hirer Responabilitéit bewosst – d'Forschung iwwer déi schrecklich Zeit vun 1940 bis 1945 gët op der Universitéit mat substanziellen Budgets-Mëttelen ënnerstëtzt, den Zentrum fir politesch Bildung huet als eng vun sengen Missiounen, déenen Klengen an déenen Groussen deitlich ze maachen, waat d'Roll vun jidderengem an der Gesellschaft an am Staat ass. An déi Roll gät weit driwwer eraus, seng Stëmm jhust bei Wahlen oofzegin.

Wann mir ët feerdig brengen, eisen demokratischen Regime firun funktionéieren ze loosene, dann heescht daat nick, datt ët neischt méi géiw, woumat mir onzefridden wäeren. Mais datt mir d'Méiglechkeet behaalen, daat riicht ze béien, waat nick esou läft wéi ët soll, an datt nick Éppes sich an d'Plaatz vun eiser Constitutioun sëtzt, waat eng frei Gesellschaft onméiglech mëcht.

Wann mir ët nick feerdig brengen, eisen demokratischen Regime firun funktionéieren ze lossen, dann ass sich neischt méi riicht ze béien. Dann hun mir bannen kiirzester Zeit den Arbiträr, den Terror, d'Barbarei. Déi, déi eis d'Wierder "Wehret den Anfängen" als Appel hannerlooss hun, wousten vun waat sie géiwen schwätzen.

Loossen mir sie nick vergiessen, an och nick daat, woufir sie den Kapp duergahaalen hun.

Sie hon vun Heemecht an vun Patriotismus geschwaat. Loossen mi eis hakt froen, op mir nach Éppes hon, woufir mir den Kapp géiwen dorhaalen, an "hei nidden alles woon".